ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. Mee 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Et kënnt dacks vir, datt e Patient an der Klinik méi Medikamenter zesummen anhuelen muss. An dem Fall kann et passéieren, datt déi ënnerschiddlech Medikamenter an hir Interaktioun geféierlech Wiesselwierkungen kënne produzéieren.

An dem Zesummenhang géif ech gäer folgend Froen stellen:

1) Wéi ka séchergestallt gin, datt all Dokter zu all Ablack en Iwwerbléck huet iwwer aner Medikamenter, déi de Patient vun engem Beruffskolleg verschriwwe krut?
2) Kann déi geplangten elektronesch Patientenakte hei eng Hëllef duerstellen? Wéi wäit as dee geplangten Dossier vun der elektronescher Patientenakte elo schon avancéiert, fir déi Fäll wou d'Leit kee «médecin référent» hunn?

An de Klinike kréien d'Patienten hir Medikamenter dacks an engem Plastikbecher, wou se hinnen ouni Verpackung an ouni Erklärungsziedel presentéiert an dann ageholl gin.

3) Wéi as séchergestallt, datt all Patient iwwert säi Recht verfügt, genee informéiert ze sinn an ze wëssen, wat fir Medikamenter hie grad anhëllt a wat fir Wirkungen an Niewenwirkungen déi hunn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique